N°3775
Entrée le 16.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Wéi een an den Zeitungen noliese konnt, gouf d'Filmproduktiounsfirma Paul Thiltges Distributions Sàrl vum Bezierksgeriicht Lëtzebuerg fir Faillite erkläert an ënnert ee Curateur gestallt.

D'Produktiounsfirma krut iwwert déi lescht 10 Joer ronn 20 Milliounen aus dem Filmfong ausbezuzelt, wann een d'Zuehlen aus dem Tableau vun der Äntwert vum Minister op meng parlamentarescher Fro n°3401 zesummerechent.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister präziséieren, wéi vill Mataarbechter vun dëser Firma vun der Faillite betraff sinn?
2. Kann de Minister oplëschten, wéi vill Suen d'Produktiounsfirma insgesamt aus dem Staatsbudget krut, opgeschlësselt pro Joer a Subside?
3. Huet dës Firma, geméiss dem Artikel 9 vum Gesetz vum 22te September 2014 iwwert de Filmfong, hir Recetten un de Filmfong zeréckbezuelt a falls jo, wéi vill?
4. War de Filmfong oder d'Regierung am Viraus vun den Demanden fir d'Subsiden iwwert déi finanziell Schwieregkeeten vun dëser Firma informéiert, a wann jo, huet dëst eng Roll gespillt?
5. Kruten aner Societéiten, déi dem selwechte Beneficiare effectif vu Paul Thiltges Distributions Sàrl gehéieren, och Subside vum Filmfong ausbezuelt? Falls jo, wéi eng a wéi vill iwwert déi lescht 10 Joren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

6. Wéi ass d’Rechtslag betreffend de Auteursrechter vun de Filmer, déi d'Firma mat Hëllef vum Filmfong produzéiert huet, am Fall vun dëser Faillite gereegelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten